N°8331
Entrée le 16.11.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité sociale

**Gemeinsam Äntwert vum Här Minister fir sozial Sécherheet a vum Här Mëttelstandsminister op d'parlamentaresch Fro n°8331 vum 19. September 2023 vum honorabelen Deputéierten Här Jeff Engelen iwwert d'Indemnitéiten am Kader vum Covid-19**

*1) Kann d'Regierung déi uewe beschriwwe Faite confirméieren ?*
*2) Wa jo, wéi ass et an den Ae vun der Regierung ze veräntwerten, datt e Patron, deen eng gewëss Zäit am Krankeschäi war, quasi kee Krankegeld kritt, well hie pandemiebedéngt jo déi zwee entspriechend Jore virdru keen Akommes hat?*

D'Berechnung vum Krankegeld vun engem Fräiberuffler gëtt op Basis vum Artikel 12 vum Code vun der sozialer Sécherheet etabléiert, dee Folgendes beseet :

*« Pour les non salariés, l'indemnité pécuniaire est calculée sur la base du revenu professionnel défini aux articles 35 et 36 relatif aux affiliations en cours au moment de la survenance de l'incapacité de travail et respectant les limites définies à l'article 39. Si la période indemnisée est inférieure à un mois, chaque jour est compté uniformément pour un trentième du mois. Toute modification du revenu professionnel implique le recalcul de l'indemnité pécuniaire.*

*L'indemnité pécuniaire ne peut dépasser le quintuple du salaire social minimum.*

*L'indemnité pécuniaire accordée aux non salariés reste suspendue jusqu'à la fin du mois de calendrier au cours duquel se situe le soixante-dix-septième jour d'incapacité de travail pendant une période de référence de dix-huit mois 5) de calendrier successifs. L'indemnité pécuniaire est de nouveau suspendue au début du mois suivant celui pour lequel cette limite n'est plus atteinte. »*

Falls de betraffene Fräiberuffler bei der Mutualité des employeurs affiliéiert ass, wéi vum Artikel 52 vum Code vun der sozialer Sécherheet viséiert, kann dës d'Ausbezuele vun der finanzieller Entschiedegung wärend der legaler Konservatiounsperiod assuréieren, esou wéi et laut Artikel L. 121-6, Paragraph 3, Alinea 2 vum Arbeschtsgesetzbuch virgesinn ass. D'Affiliatioun bei der Mutualité des employeurs ass fir e Fräiberuffler fräiwëlleg.

D'Agräife vun der Mutualité des employeurs trëtt dem Artikel 15 vun hire Statuten no an, dee beseet dass:

*« Les personnes exerçant l'activité professionnelle pour leur propre compte sont indemnisées à quatre-vingts pour cent de l'assiette cotisable appliquée au moment de la survenance de l'incapacité de travail. Toute période d'incapacité de travail doit être justifiée par un certificat médical. Si la période indemnisée est inférieure à un mois, chaque jour est compté uniformément pour un trentième du mois. Toute modification de l'assiette cotisable implique le recalcul de l'indemnité pécuniaire.*

*Par dérogation à l'alinéa qui précède, l'indemnisation est intégrale pour les périodes d'incapacité de travail correspondant à une mesure de mise en quarantaine ou une mesure de mise en isolement par le directeur de la santé ou son délégué. »*

*3) Wéi gedenkt d'Regierung deem Mëssstand entgéintzewierken?*

*4) Kënnen d'Patronen, déi an deem nämmlechten oder an engem änleche Fall sinn, retroaktiv mat enger finanzieller Ënnerstëtzung rechnen?* .

De Mëttelstandsministère huet am Kader vum Covid-19 dräi verschidden Aiden[1] bezuelt fir de Patrooen ze hëllefen well se däi Zäit net esou vill Revenu erakruten.

Et ass net virgesinn nach weider Aiden auszebezuelen.

Wann awer elo d'Revenuen, bzw d'Aiden vum Staat, net vum Fräiberuffler un de CCSS gemellt goufen, oder dës nach net iwwer d'Steierverwaltung konnten un de CCSS iwwermëttelt ginn well déi nach net disponibel waren (iwwer d'Steiererklärung), esou kann sech déi betraffe Persoun beim CCSS mellen fir déi Donnéeën ze ginn fir dat säi Revenu ugepasst gëtt. Bei der Mutualité des employeurs gräift dës awer just, wann d'Persoun och affiliéiert ass, anerefalls kann d'Mutualité keng Leeschtungen ausbezuelen.

Lëtzebuerg, den 16.November 2023

De Minister fir sozial Sécherheet

(s.) Claude Haagen

[1] *- Indemnité d'urgence certifiée en faveur des travailleurs indépendants dans le cadre de la pandémie Covid-19*
*- Nouvelle indemnité d'urgence certifiée en faveur des travailleurs indépendants dans le cadre de la pandémie Covid-19 (mise en place par le règlement grand-ducal du 6 mai 2020)*
*- Nouveau régime temporaire d'aide de minimis en faveur des travailleurs indépendants dans le cadre de la pandémie Covid-19*